

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

Une voix | Dat ass net de Fall.

2. 7777 – Proposition de révision des chapitres IV et Vbis de la Constitution

M. Fernand Etgen, Président | Den éischte Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtten ass d'Verfassungsofännerung 7777, déi d'Kapitele IV a Vbis iwwert d'Chamber an de Staatsrot ofännert.

Et sief drop higewisen, datt laut Artikel 114 vun der Verfassung eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëtter vun de Stëmme erfuerdert ass. De Vote par procuration ass net erlaabt.

D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An ech géif elo d'Wuert un de Rapporteur vun der Verfassungsofännerung ginn, den honorablen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, op der leschter Ligne droite elo, der leschter Plenièr, wou mer all den Owend frou sinn, wann et dann eriwuer ass, wou mer a Gedanken scho vläicht bei der Famill sinn ënnert dem Chrëschtbeemchen, bei der Feierdeeg oder an der Vakanz, hunn ech d'Freed an d'Éier, dee véierten Deel vun eiser globaler Verfassungsrevision ze rapportéieren.

An deem Sënn ass de Mëtteg wierklech en historisches Moment, wou mer dann eng nei Verfassung, wa se bis publizéiert ass, a Kraaft setzen, eng Gesamtrevision. Et ass net just eng weider, wéi gesot, et gouf bis ewell 80 eenzel Revisiounsgesetzer, déi an de leschten 154 Joer eis aktuell Verfassung modifizéiert hunn, eleng 50 zanter 1989.

Dat gëtt elo hoffentlech besser dank der Gesamtrevision. Déi aktuell, mat véier Bléck, ass déi alleréisch, déi dee ganzen Text vun 1868, ech schwätzen ënnert der Opsicht vun Simone Beissel, systematesch op de Leescht hëlt. Ganz fäerdeg si mer streng geholl awer nach net, well et kommen elo an deenen nächste sechs Méint nach eng Rëtsch Ausféierungsgesetzer, fir déi nei Verfassungsartikelen och a Kraaft ze setzen op Gesetzesniveau. Mee trotzdem, den 22. Dezember 2022 ass en historisches Moment an der Geschicht vun der Verfassung.

Mir sinn um Enn vun engem laange Wee, op deem ganz vill Persounen matgaange sinn an de successive Chamberskommissionen, am Staatsrot, am Staatsministère, am Justizministère, an anere Ministère, an de Parteien, sief et als politesch Verantwortlech, sief et als Mataarbechter.

Op deem Wee gesinn ech och all déi Leit, déi Avise geschriwwen hunn zu de Proposen, an ech gesinn och all déi Bierger, déi an diverse Biergerconsultatiounen a Fokusgruppe matgeschafft hunn, genee wéi och déi ronn 215.000 Biergerinnen a Bierger, déi 2015 um Referendum mat ofgestëmmt hunn a wou d'Resultat vun deem Referendum ganz kloer an deem haitegen Text verankert ass a respektéiert gouf.

All d'Nimm opzezielen ass dofir de facto onméiglech. Iech ass bekannt, wien an der aktueller

Institutionskommissioun ass a matschafft am Sekretariat an an de Fraktiounen.

Erlaabt mer awer, dräi Leit perséinlech ze ernimmen, stellvertriedend:

D'Nimm sinn elo gefall, den Alex Bodry an de Paul-Henri Meyers, déi alles gemaach hunn, fir dass de 6030, also d'Basispropos, op där elo dës véier Kapiteelen opgebaut goufen, zustane koum.

An erlaabt mer, och mäin eegene Papp, de Georges Margue, ze ernimmen, deen a sengen diverse Funktiounen an dëser Chamber virdrun un deene Reformen matgewierkt huet a gehollef huet, eng global Revision vun der Verfassung an d'Weeër ze leeden, déi seng zwee Kolleegen Meyers a Bodry, wéi gesot, eng éischte Kéier am 6030 zesummebruecht hunn. En härezeleche Merci un déi.

Une voix | Très bien!

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | Ech maachen haut an deem Rapport drop opmierksam, datt mer mam véierten Deel net just d'Kapiteelen zur Chamber an zum Staatsrot moderniséieren, mee och den Text vun der kompletter zukünfteger Verfassung och final ëmstrukturéieren an d'Artikelen duerchnummeréieren. Dat ass elo technesch-legistesesch, ass awer vun der Symbolik hier zimmlech wichteg.

Et ass deemno eréischt déi véiert a lescht Proposition de révision, déi deen neien Text vun der Lëtzebuerger Verfassung a senger integraler a finaler Form ka presentéieren. An dofir ersetzt de leschten Artikel vun 7777 déi aner Revisionsbléck duerch den definitiven neie Verfassungstext, opgedeelt an zwielef Kapiteelen an op 132 Artikelen.

Elo no dëser Duerstellung, méi kontextuell, wou dësé Vott vun de Mëtteg sech areit, kommen ech op d'Proposition de révision constitutionnelle 7777 selwer. Hei geet et ëm d'Chamber an ëm d'Reform vum Staatsrot. Ech zielen Iech just déi wesentlech Punkten op, fir dass Dir Iech bewosst sidd, wat dëst Haus ze maachen huet a wéi dëst Haus an Zukunft funktionéiert, wat eis Missioun als Deputéierten ass. Et ass nämlech definitiv eng Stärkung vun der Institution Chamber den zentrale Punkt vun dëser Gesetzespropos.

D'Hauptmissiounen vun eis heibanne sinn de Contrôle vun der Regierung a virun allem de Pouvoir législatif, eis Gesetzter ze schreiwen.

Mir preziséieren zwee Elementer, déi bis haut just am Walgesetz stoungen, nämlech dass d'Walen obligatoresch sinn an dass d'Wal respektiv de Choix vun de Wieler geheim ass.

Et muss een als Wieler fir d'Chamberwalen awer och widerhier Lëtzebuerger sinn a mindestens 18 Joer hunn.

Une voix | Très bien!

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | D'Lëscht vun de Funktiounen, déi net kompatibel mam Deputéiertemandat sinn, gëtt bis op d'Onvereinbarkeet mat de Funktiounen vu Regierungsmemberen a Staatsrotmamberen aus der Verfassung geholl an zukünfteg iwwer e Spezialgesetz mat enger Zweedrëttelmajoritéit definéiert.

Esou gëtt zum Beispill och e spéidert Aféiere vun Anticumulbestëmmungen tëscht Deputéiertemandat a kommunale Funktiounen méi einfach.

Mam Artikel 55 (veuillez lire: Mam Artikel 67) gi weider Neierungen an der Verfassung festgeschriwwen. D'Chamber constituéiert sech an Zukunft ëmmer den drëtten Dëschdeg no de Walen a schafft dann onënnerbrach – onënnerbrach! – bis zu hirer Ofliëung no där nächster Wal, dat heescht, d'Sessioun gi

komplett gestrach an all Vide parlementaire gëtt esou verhënnert.

D'Onofhängegkeet vun der Chamber vis-à-vis vun der Regierung an d'Portée juridique vum Chambersreglement ginn erweidert. Mir haten doriwwer vill Diskussiounen a mir hunn domadder Jalousien ausgeléist, andeems d'Chamber explizitt d'Recht kritt, d'Organisation matérielle et financière, y compris de Personalstatut, ze reegelen.

Virgezunn Neiwalen dierf de Staatschef just nach fixéieren, wann d'Chamber der Regierung per Motion d'Mësstrauen ausgedréckt huet, dat heescht, d'Vertraue refuséiert huet. An am Fall vun enger Regierungsdimission gëtt et och Neiwalen, awer just am Accord mat der Chamber hei.

Fir d'Kontrollmissioun vun der Chamber auszeüben, huet d'Chamber an Zukunft folgend Mëtten: Wéi bis elo ka se verlaangen, dass een oder méi Regierungsmemberen an d'Chamber kommen. Si kann d'Regierung interpelléieren a parlamentaresch Froe stellen. D'Regierung muss dorobber äntwerten. D'Chamber kritt en allgemengt Recht op Informatioun. Se ka vun der Regierung all noutwendeg Dokumenter an Informatiounen verlaangen, déi fir hir Aarbecht néideg sinn.

Déi classesch parlamentaresch Instrumenter vun der Motion de confiance an de censure kréien eng Base légale. Mir hunn dat an eise System bis dato net esou kannt an ëmmer matkritt, wann am Ausland esou Situatiounen virkoumen an hire Parlamenten.

All Deputéierte kritt per Verfassung d'Recht, eng Proposition de loi ze deposéieren. Bis elo war dat just per Chambersreglement gereegelt. An ech mengen, mir hunn an deene leschte Jore gewisen, dass jiddwereen, deen eng Propos gemaach huet, och drukkomm ass.

A mir kréien e ganz neit Instrument vu Biergerbedeelegung, dat een op Lëtzebuerger als Biergergesetz kéint betitelen. E Grupp vun 125 Wieler a Wielerinne kann eng Propos ausschaffen, wa se vun 12.500 Wielerinnen a Wieler ënnerschrifft gëtt, an da ka se an d'Chamber kommen.

Wann d'Chamber dës Biergergesetzespropos validéiert, suivéiert se ab do déi normal legislativ Prozedur. Et gëtt also kee parlamentaresche Wee „bis“, et gëtt e komplementäre Wee, deen d'Chamber sech herno zu eege mécht, a mir Volleksvertreder huelen dann eis Verantwortung a stëmme doriwwer of.

D'Wielerinnen an d'Wieler kënnen awer och wéi bis elo per Referendum consultéiert ginn. D'Instrument vum Referendum gëtt awer méi flexibel, gëtt méi inklusiv, well jee no Frostellung zum Beispill och Netlëtzebuerger kënnen mat consultéiert ginn oder déi méi Jonk ënnert eis, déi nach keng 18 Joer hunn. Dat gëtt alles per Gesetz zu engem méigleche Referendum dann heibanne gekläert.

E weidert wichteg Instrument vun der Chamber, fir d'Aarbecht vun der Regierung ze kontrolléieren, ass dann d'Commission d'enquête. Se war am 6030 schon esou formuléiert, mir hu se hei iwwerholl. Momentan ass fir de Lancement vun esou enger Kommission eng Majoritéit vun Deputéierten néideg. An Zukunft wäert de Seuil – et ass Iech bekannt – op een Drëttel erofgoen, an 20 Deputéierter kënnen eng declenchéieren.

Mir verankeren och déi nei Institution vum Ombudsman am Kapitel vun der Chamber.

De Staatsrot kritt en eegent Kapitel: d'Kapitel Nummer 6. De Staatsrot gëtt doranner méi eegestänneg an e kritt eng Rei Detailler zur Missioun an zur Organisation ageschriwwen. Dat war bis elo just iwwer Gesetz gemaach. An ech widderhuelen et: Och

d'Chamber kritt elo méi en direkten Accès op d'Expertis vum Staatsrot, well mer hinne kënne Froe stellen.

Ech kommen zur Konklusioun.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir ofzeschlüsse wëll ech dem Carole Closener, der Sekretärin vun der Chamberskommissioun, déi fir d'Institutionen an d'Verfassungsfroen zoustänneg ass, Merci soen. Ech soen och Merci dem Dan Michels aus der grénger Fraktioun an de Memberen aus der Cellule scientifique fir déi konnex Gesetzestexter, déi zu dësem Kapitel gehéieren. Ech schléissen do och d'Ekippe rondem de Benoît Reiter an, déi Aarbechte matgeléiwert hunn, wéi et drëm gaangen ass, ënnert der Presidentschaft vum Roy Reding, mat der Reglementskommissioun zesummenzeschaffen. Merci dofir allegueren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | A merci och dem President an de Kolleeginnen a Kolleegen aus der Kommissioun speziell – mir verstinn eis mëttlerweil gutt als véier Corapporteren – fir déi gutt a fair Zesummenaarbecht an déi flott interessant Diskussiounen an Ausenanersetzungen, déi bei der Ëmsetzung vun de Follgesetze nach wäerte weidergoen.

Haut ass e gudden Dag fir eis Institutionen hei am Land, e gudden Dag, wou mer eise Staat, a speziell eise Rechtsstaat, op méi stabil Féiss stellen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Margue.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Léon Gloden (CSV) | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Mëtteg ass e groussen Dag. „Mam véierte Vott, oder mam zweete Vott vum véierte Kapitel, hu mer d'Verfassung an der Gare“, géif mäi Kolleg, de Mars Di Bartolomeo, soen. An duerfir op dëser Plaz dem Lokführer Mars Di Bartolomeo, dem Charel an dem Simone e ganz décke Merci fir déi kollegial Zesummenaarbecht. An dee Merci geet och un d'Madamm Closener, un d'Membere vun der Institutionskommissioun wéi och un d'Mataarbechter vun der CSV-Fraktioun, déi mech – säit 2009 – an de Paul-Henri Meyers an dësem Projet begleet hunn.

Här President, d'Demokratie, d'Parlament an d'Verfassung, dat ass de mageschen Dräieck vum Haus Lëtzebuerg. Haut geet et ënner anerem ëm dëst Haus, ëm d'Parlament, ëm eis Chamber. Mir sinn den éischte Pouvoir vum Land, esou steet et och an deem neien Text geschriwwen.

D'Chamber representéiert d'Populatioun. D'Chamber exercéiert de Pouvoir législatif. An d'Chamber kontrolléiert d'Aktioun vun der Regierung. An et ass och ganz kloer, an ech widderhuelen dat och nach eng kéier, wat haut e puermol hei op dem Riednerpult gesot ginn ass: Nëmme Lëtzeburger kënnen d'Chamber wielen!

Wat och wichteg ass, fir datt mer eeben als Chamber kënnen eise Pouvoir exercéieren, fir d'Aktiounen, d'Handele vun der Regierung ze kontrolléieren, ass d'Enquêtékommisioun en Outil, deem ee muss beduecht setzen. Mee et ass wichteg, datt eng Enquêtékommisioun net vun der Majoritéit ofhänkt. An duerfir ass et och gutt, datt mat deem neien Text een nëmme 20 Deputéierter brauch, fir esou eng Enquêtékommisioun kënnen ze declenchéieren.

En anere wichteg Punkt ass, datt mir als Chamber eis eege Wal net méi selwer kontrolléieren. Mat deem neie Verfassungstext ginn d'Wale vum Verfassungsgericht validéiert.

Dann hu mer och eng Prozedur aus den europäesche Verträge agebaut, wat och weist, datt eis d'„participation directe“ – entre guillemets – vun de Leit dobausse wichteg ass, déi sougenannten „initiative législative“. De Charles Margue ass dorobber agaan, ech brauch hei d'Detailer net weider ze widderhuelen.

Dann eng aner Neierung, Nouveauté: D'Chamber kënnt net méi a Sessiounen zesummen. Mir sinn elo e fortlaufende Betrib. Et gëtt kee Vakuum méi beim éischte Pouvoir vum Land.

D'Chamber kann opgeléist ginn entweder duerch e Refus de confiance vis-à-vis vun der Regierung oder duerch eng Motion de censure. Och hei spigelt sech zréck, wat mer haut de Moie schonn e puermol héieren hunn. All Institution ass krisefest gemaach ginn. A menger Ried zum éischte Vott vun dësem Kapitel hat ech am Fong gesot, datt den Här Premierminister Bettel net kéint do setzen, well d'Prozedur deemools war net festgeschriwwen, wéi een nei Chamberswalen declenchéiert. Mee elo mat där neier Verfassung gitt der dann nach eng kéier confirméiert.

(Interruptions et hilarité)

Wat awer och wichteg ass, dat ass, dass mer elo an dësen Text den Ombudsman aschreiwen. Dee steet bis haut net an der Verfassung an ass just duerch e Gesetz gereegelt.

Här President, mat dësem zweete Vott ginn also d'Renovationsarbechte vum Haus Lëtzebuerg ofgeschloss. Mee et muss een, wéi bei engem Haus ëmmer, duerno kucken, regelméisseg Entretien maachen. Dat heescht net, Kolleeginnen a Kolleegen, datt ee muss mat der Moud goen, mee et muss een agéieren am Respekt vun eiser Geschicht, vun deene Leit, déi hei wunnen an déi hei schaffen, am Respekt mat deem, wat mer sinn, well nëmme da kënne mer bleiwen, wat mer wëllen!

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Gloden. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

Mme Simone Beissel (DP) | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Häre Ministeren, gudd Mëtteg och vu mir. Endlech komme mer elo haut an dësem héijen Haus zu deenen zwee leschte Kapiteln, déi mer elo an deenen zweete Vott huelen, fir dass mer déi grouss Maschinn vun der neier Verfassung definitiv kënnen ofschléissen. An ech soen direkt och dem Corapporteur, dem Kolleg Charles Margue, häerzlech Merci. Hien ass am Dauerasaz säit gëschter Mëtten. Mee ech mengen, dat hei ass eent vun de Kärstécker vu sengen Interventiounen, dëse Rapport zu der Chamber an dem Staatsrot.

Här President, déi zwou Institutionen, ëm déi et geet, si vital fir d'Lëtzeburger Land. Zu der Chamber brauch ech Iech net méi ze soen, a meng Virriedner, dat heescht de Charles Margue an de Léon Gloden, hunn et jo och gesot: Et ass den éischte Pouvoir am Staat, mee fir mech och d'Häerzstéck vun all Demokratie!

D'Chamber gëtt mat dësem Text drastesch verbessert. Ech ginn Iech elo just nach eng kéier kuerz Beispiller, einfach, soen ech ëmmer, fir den intellektuelle

Plesier, quitte dass et virdru schonn hei ugeklongen ass, mee dass och wierklech all Mënsch et richtig matkritt.

Niewent hire klasseschen Attributiounen kritt d'Chamber elo en neit Instrument derbäi, dat ass d'Motion de confiance, en zousätzlecht Instrument, fir vis-à-vis vun den Texter an och der Regierung ze agéieren.

Dat zweet ganz staarkt Instrument, wou mer vill Diskussiounen haten, dat ass de berüumten Droit d'enquête. Deen huet zwar scho bestanen an engem Gesetz vum 2014. Mee wat awer elo e Paradigmewiesel ass, dat ass, dass, wann en Drëttel vun den Deputéierten, dat heescht, 20 Deputéierter, et verlaangen, da muss automatesch eng Commission d'enquête agesat ginn. Da muss ee kucke mat där Prozedur.

En anert Beispill, wat och schonn e Paradigmewiesel ass, dat ass déi nei Initiative citoyenne mat deem savanten Numm „Proposition motivée [...] de légiférer“. Firwat ass dat esou wichteg? Dat féiert a sech an eise System eppes ganz Neies an. Et kënnt eng nei Quell, en neien Ursprung, wéi hei zu Lëtzebuerg kënnen Texter op den Instanzewee bruecht ginn an dann an engem Vott vun der Chamber endegen. Wéi gesot, et sinn natierlech awer trotzdeem Contrainten do, notament déi 12.500 Lëtzeburger Wieler, déi mussen hir Ënnerschrëft maachen, fir dass d'Saisine vun der Chamber geschitt.

Dann den Ombudsman, dee scho laang Joren exzellent Aarbecht mécht. An dëse System gëtt elo och endlech an der Verfassung verankert.

Zum Staatsrot: De Staatsrot kritt och e richtige Stellwäert. Dir erënnert Iech vläicht net méi, mee de Staatsrot ass jo vum 1857, vum Wëllem III., deem immens verhaasst war.

(Interruption)

1956 war dunn d'Verfassungsrevisioun, Enn 1956, mee si ass eréischt en vigueur gesat ginn am Januar 1957, wou de Staatsrot an d'Lëtzeburger Institutionen erakoum. A vu dass een net esou richtig wusst, wéi a wat a wou, wann der d'Verfassung kuckt vum 20. Joerhonnert, dann ass et ëmmer den Artikel 83bis gewiescht, dat heescht, et war e bäigepafften Artikel, wou de Staatsrot dann do esou matgeschwommen ass.

Elo kritt en zwee ganz Artikelen, de 95, dee riseg laang ass mat all sengen Attributiounen, an de 96, an e kritt souguer e ganz Kapitel, d'Kapitel VI. Dat heescht, säi Stellwäert ass elo festgehalen ginn.

Dann niewent senge klasseschen Attributiounen als Haaptberodungsorgan vun der Regierung, mat allem, wat Projet-de-loie sinn an och mat anere Froen, an als Berodungsorgan vun der Chamber fir d'Propositionen de loi kënnt elo do och erëm eng nei Attributioun derbäi, déi fir d'Chamber immens interessant ass. Dat heescht, niewent deene klassesche Berodungsmisiounen kann de Staatsrot, op Ufro vun der Chamber, elo op all Zorte vu Froen, déi d'Chamber stellt, säin Avis do ginn. An ech mengen, dat ass fir d'Chamber extreem wichteg. Net nëmme gewënnt d'Chamber Zäit, well wann esou quokeleg, delikat Froen opkommen an d'Chamber ka schonn de Feeling kréie vum Staatsrot, da kann dat wegweisend si fir hir zukünftige Aktiounen oder Positiounen, déi se kann huelen. Ech mengen, dat ass am Interessé ..., wa mer schwätze vu „bien légiférer“, da kann dat eis nëmme hëllefen.

Dat gesot, mat där Méiglechkeet, wou d'Chamber gestärkt gëtt duerch déi ganz nei Attributioun vum Staatsrot, wäert ech schonn zum Schluss kommen. Ech wollt dat just ervirhiewen, well, wéi gesot, de Charles Margue ass queesch duerch déi ganz Eckwäerter gefuer.

Ech wëll och just nach eng Kéier all Mënsch hei Merci soen, dee gehollef huet. Mat dësem Text zu den zwou vitalen Institutione vum der Lëtzebuerger Demokratie, dat heescht, d'Decisionsorgan an d'berodend Organ, kënnt wierklech eng Plus-value an eis Démocratie parlementaire.

An dofir wäert ech ofschléissen, andeems ech all Mënsch och nach eng Kéier Merci soen a wierklech mat Freed hei den Accord vun der DP-Fraktioun bréngen. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Beissel. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, President vun der Institutionskommission, Dir hutt d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, jo, et ass esou wäit. Mir sinn nach e puer Minutte virum Zil. D'Zil, dat ass, eng Verfassung ze kréien, déi no bei der gelieferter Realitéit vun eiser Gemeinschaft ukënnt.

Dee leschten Deel vun eise Verfassungsrevisiounen wäert zur Stärkung vun der Chamber féieren, net géint aner Institutionen, mee zesumme mat deenen aneren Institutionen. An dës Revaloriséierung entsprécht deem, wat eng modern parlamentaresch Demokratie brauch a wat eng representativ Demokratie soll sinn.

Merci dem Rapporteur, dem Charles Margue. Ech widerhuelen net nach eng Kéier all déi Mercien un déi, déi déi Mercie méi wéi verdéngt hunn, well hei si ganz vill Leit, déi mat dru geschafft hunn, eis Virgänger, eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter. Mir hunn d'Tania Braas zum Beispill nach net zitéiert, och iwwer laang Strecken derbäi, an ech vergiessen der nach. Mir sinn un d'Carole Closener gewinnt, wat eng exzellent, exzellente Aarbecht geleescht huet, och zesumme mat eiser Chambersdirektioun, mat eiser Reglementscommission, der gesamter Institutionskommission an eiser jonker Cellule scientifique, déi bei den Ausféierungsbestimmungen hiren Elan, hir Motivatioun an hir Capacitéite ka weisen.

Merci un all d'Kolleegen, déi an deene leschte Méint eng ganz grouss Standhaftegkeet bewisen hunn, well e puermol si mer nach un d'Ziddere komm.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Dat muss een esou soen, net vun deene Säiten, déi elo mengen, si wäer gemengt ...,

(Hilarité)

... mee ech fannen, dass déi vill Ausenanersetzungen, déi mer haten an déi Schrëtt, déi mer openeen zougemaach hunn, gutt Schrëtt waren, well ech bleiwen där Iwwerzeegung: Dat Wichtigst un enger Verfassung ass, dass e Maximum vu Leit sech dran erëmkennen an datt se erëmspigelt, wat mir als Gemeinschaft sinn.

Deen neien Artikel 50 (veuillez lire: Deen neien Artikel 62) leet explizit déi legislativ Gewalt bei d'Chamber a gesäit d'Kontroll vun der d'Regierung duerch d'Chamber vir. Déi stoung an där Form net esou an der Verfassung.

D'Autonomie vun der Chamber – an dat ass e wichtige Deel, well eist Reglement déi eng oder aner Kéier a Fro gestallt ginn ass –, gëtt duerch d'Festegung, d'Verankerung vun eise Reglement an der Verfassung gestärkt. D'Chamber bestëmmt duerch hiert Reglement selwer, wéi se hir Attributiounen

ausübt, sech organiséiert. Dat ass keng Extra-wurscht. Et ass net am klengen Kämmerlein, wou mer déi Reglementer, eis Reglementer, wëlle maache respektiv d'Reglementer änneren. Mee mir kréien awer méi Eegestännegkeet do derbäi. D'Reglementer an hir Ännerungen hunn e vergläichbare Wäert wéi e Gesetz. Mir mussen iwwer alles ofstëmme an d'Texte publizéieren an och an ëffentlecher Sëtzung diskutéieren. Dach, et ass e klengen Schrëtt Differenz, mee deen ass gewollt.

Vu menge Virriedner ass d'Neierung vun der Initiative législative citoyenne – Gesetzesinitiativen, déi de Bierger kann abréngen – genuch virgestallt ginn. Ech wëll just drop insistéieren, dass dat eng Weiderentwécklung ass vun der Matbestimmung oder Matgestaltung vun de Bierger. Et geet e gudde Schratt méi wäit wéi d'Petitioun, ass awer net gratis. Et setzt e groussen Engagement vun deene viraus, déi wëlle Gesetzter matgestalte respektiv proposéieren.

D'Enquêtérecht vun der Chamber ginn am neien Artikel 69 (veuillez lire: am neien Artikel 81) nei geregelt an erliichtert. „Erliichtert“ heescht net lichtfanke gebrauchen! Dat Instrument vun der Enquêtékommission ass keng Chambre de mise en accusation vis-à-vis vun der Regierung. Et ass en Instrument, e scharft Instrument, dat à bon escient soll gebraucht ginn, esou wéi mir et och gestëmmt kréien. Well mir sinn eng kleng Chamber, wa mer muer sechs Enquêtékommissionen parallel hunn, da kënne mer Forfait erklären! Dat geet sécher net. An hei gëllt och de Prinzip: „Trop de commissions d'enquête tuent la commission d'enquête.“ Also, dat Instrument ass e wichtegt Instrument an der Hand vun der Chamber, mee et soll ee suergfältig dermat ëmgoen.

D'Interventioun vun der Force publique ausserhalb vum groussherzoglechen Terrain gëtt geregelt.

De Staatsrot, dat ass gesot ginn, kritt seng eege Kapitele, an d'Chamber, grad ewéi d'Regierung, ka Froe stelle respektiv sech berode loosse vum Conseil d'État. Och hei gëtt d'Zesummenaarbecht zwëschen den Institutione méi officialiséiert, wéi dat de Fall war. Den Debat, den Discours interinstitutionnel ass ganz wichteg.

Also d'Konklusioun: D'Chamber gëtt mat dësen Texter däitlech gestärkt. Dat geet och wéi e roude Fuedem duerch déi gesamt Ännerungen. A wa mer haut iwwer déi véier Kapitele ofgestëmmt hunn, dann trieden déi Revisiounen den éischten Dag nom sechste Mount no der Publikatioun a Kraaft.

Dat Resultat, no enger Schwéiergebuert, muss ee soen, léisst sech weisen. Déi laangwiereg Aarbecht huet sech gelount, well mer all déi wichteg Kapitele, all déi wichteg Dispositiounen, déi sech an deene leschten 20 Joer fonnt hunn, konnten an déi nei Texter eriwuerbréngen.

Ier d'Verfassung a Kraaft trëtt, an dat ass gesot ginn, bleift eis nach vill Aarbecht a Saachen Ausféierungsbestimmungen. Mee mir hunn eis gutt virgeschafft, eng ganz Rei vun Texter si schon deponéiert. Mir wëllen et hei anescht maache wéi zum Deel bei där jëtzege Verfassung, wou och no wäit iwwer 100 Joer eenzel Ausféierungsbestimmungen nach net geholl waren. Hei wëlle mer mat der Akraaftsetzung vun der Verfassung och déi noutwendeg reglementaresch a gesetzlech Ausféierungsbestimmungen matliwweren. An ech mengen, dat ass eng gutt Aarbecht.

Mat eisen zweete Votte vu gëschter an haut steet deene fundamentale Revisiounen näischt méi am Wee. Dir kënnt Iech virstellen, datt dat fir eis all, déi dat méiglech gemaach hunn, eng ganz grouss Satisfaktioun ass.

Mir wäerten an deenen nächste Wochen a Méint, an dat ass och e wichtige Deel, deen nach ze maachen ass an der Suite vun deem, wat mer scho virum éischte Vott gemaach hunn, grouss Efforte maachen, fir datt déi iwwerschaafte Verfassung och bei de Leit ukënnt.

An deem Sënn wëll ech Iech e ganz härezele Merci soen. Här President, och merci fir d'Gedold mat mir. Mee hei ass haut, et ass gesot ...,

M. Sven Clement (Piraten) | 80 %, Här Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | ... et ass e groussen Dag an ... Wat sot Der, Här Halsdorf?

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV) | Ech sot, Dir kéint nach eng Minutt schwätzen, da sidd Der bei zéng!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Wat gelift?

Une voix | Et ass an der Rei.

(Interruptions)

M. Sven Clement (Piraten) | Schwätzt nach 45 Sekunden, da sidd Der bei zéng Minuten!

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV) | Dat hunn ech gesot.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Jo. Also, fir 20 Joer Aarbecht ass dat op jidde Fall net ze vill. Merci villmools.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Di Bartolomeo, a besonnesch merci dem President vun der Institutionskommission. An da ginn ech d'Wuert weider un den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, Här President, villmools merci. An och dem Här Margue e grouse Merci. Ech kann dem Här Margue direkt soen, datt dat hei dat Kapitel ass, woumat mir als ADR am mannste Schwieregkeeten hunn. Et ass also, géif ech soen, eent, wou ech mech kann op e puer Punkte konzentréieren.

A fir direkt op den Här Mars Di Bartolomeo anzegoen, seng lescht Bemierkung, datt Der wëllt elo déi Verfassung, déi nei Texter do, un d'Leit erubréngen, ech mengen, mir haten och gesot, mir sollte kucken, fir en Text op Lëtzebuergesch ze maachen an deen dann och un d'Leit ze verdeelen.

Une voix | Dat ass an der Korrektur.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Gutt.

Dann elo hei iwwer deen heiten Text e puer Bemierkungen. Also, ech hat grad gesot, et geet ëm d'Chamber, et geet ëm de Staatsrot, do sinn eng ganz Rei Saachen dran, déi mir matdroen, ënner anerem d'Commission d'enquête, wat eng ganz gutt Saach ass, datt mer net méi d'Majoritéit brauchen, fir d'Commission d'enquête anzusetzen.

D'Initiative législative citoyenne, och dat droe mer mat. Mee ech mengen, d'Lat ass e bëssen héich geluecht. Do wäerte mer musse kucken, wat d'Erfarung eis weist. An ech ka mer virstellen, datt mer dat e bëssen adaptéieren, well déi kuerz Delaien, déi héich Zuele vu Leit, dat ass trotzdem warscheinlech eng ganz grouss Schwieregkeet.

D'Opléisung vun der Chamber, dat war eng Prerogativ vum Groussherzog, u sech en demokratescht Recht fir d'Leit. Well u sech konnt de Groussherzog jo just d'Chamber opléisen an dann de Leit et erméiglechen, erëm wielen ze goen. Dat war u sech e Recht, wat e formaalt Recht vum Groussherzog war, mee u sech eng Méiglechkeet fir d'Leit, fir d'Chamber nei ze bestëmmen. An dat gëtt elo ageschränkt. Dat ass net onbedéngt e Virdeel, mee gutt. Ech mengen, dat ass eppes, wat een eventuell nach kéint akzeptéieren. Mee et deet eis awer leed, well et ass schon eng

Aschränkung vun de Méiglechkeete vum Staatschef, fir eng politesch schwiereg Situatioun vläicht kënnen op déi Manéier ze léisen. Also, et ass sécher kee Virdeel.

Awer zwee Punkte sinn eis ganz wichteg. Dat eent ass de Referendum. De Referendum, dee gëtt elo anescht gemaach, an do ass et nämlech esou, datt no deem net nëmmen d'Electeurs do kënnen matmaachen, mee d'Chamber kann allkéiers bei engem Gesetz decidéieren, wien d'äerf mat ofstëmme goen. An dat ass schonn e Problem. Well mir liesen dat als ADR zesumme mat deem Artikel 9bis (veuillez lire: mat deem Artikel 10), deem ass an der Madamm Beissel hirem Kapitel: „Sans préjudice de l'article 52 (veuillez lire: de l'article 64), la loi peut conférer l'exercice de droits politiques à des non-Luxembourgeois.“ A mir hunn elo scho gesinn, wéi mer dat do diskutéiert hunn, datt de Conseil national pour étrangers nach viru Kuerzem, am November zejoet, gesot huet: „Le conseil national pour étrangers [...] regrette que les ressortissants étrangers n'aient pas eu la possibilité de participer à ce référendum“ – gemengt ass dee vun 2015 – „qui les concernait directement.“

Also, wat mer wäerte gesinn an deenen nächste Méint a Joren – et ass e ganz staarke Lobbying –, ass, datt mer wäerten iwwert d'Ausländerwalrecht e Referendum kréien, an zwar eventuell, wann dat dann dem Wonsch no geet vu verschiddenen Associatiounen, mat der Participatioun vun den Ausländer. Et muss ee kucken, wéi ee Wäert een deem zougesteet, mee dat ass nun elo näischt, wat mir erfannen. Dat ass einfach eng linear Interpretatioun vun deem, wat mer an deene leschte Méint a Jore gesinn an erlieft hunn. Do ass also e Problem. A fir eis ass ganz kloer, datt mer insistéieren, datt keng Participatioun u Legislativen, nationale legislative Wale vun eisen auslännesche Matbirger ka stattfannen.

Et ass och e bëssen eng Kontradiktioun. Mir hunn hei héiere vun deem engen oder aneren, datt de Referendum vun 2015 respektéiert gëtt. An awer, an awer ass hei bei der Referendumsdiskussioun elo scho gesot ginn: Jo, da kënnen och eventuell Netlëtzebuerger matmaachen oder och Leit ënner 18 Joer an esou weider. Dat heescht, dee Respekt virun deem Referendum – och e Kritikpunkt vun der ADR – ass awer äusserst flexibel.

An dann d'Eedesformel: D'Eedesformel ass och eppes, datt huet kee Virriedner bis elo ernimmt. Mir loosse an där neier Verfassung d'Referenz op de Groussherzog falen. „Je jure fidélité au Grand-Duc“ verschwénnt aus der Eedesformel. An dat ass fir eng Monarchie ganz aussergewéinlech. U sech ass et eng Normalitéit, an eng Monarchie constitutionnelle natierlech, datt d'Leit op de Groussherzog vereedelegt ginn. Mir hunn dat och an auslännesche Monarchien, wou allkéiers d'Leit op hire respektive Monarch vereedelegt ginn.

Awer mir hunn eis do e bësse méi beschäftegt mat der Eedesformel an eis e puer Froe gestallt. A mir géifen och zwou Resolutiounen an deem Sënn proposéieren, einfach fir ze froen, fir de Bureau vläicht ze chargéieren mat zwou Saachen.

Dat Éischt ass: Mir hu jo hei ..., de Moien hate jo eng Rei Riedner gesot, datt mer jo esou méisproocheg sinn an esou weider an datt mer dräi administrativ Sproochen am Land hunn. Ech mengen, den Här Margue hat souguer vun dräi Landessproocheg geschwat. Ech si mer awer net méi ganz sécher, mee et kéint awer esou gewiescht sinn, et wär net aus der Welt gegräff. A mir denken, datt mer sollten eng offiziell Formel hunn, eng offiziell Eedesformel an

deenen dräi administrative Sproocher vum Land, a mir wäere frou, wann all Deputéierten da kéint eraussichen, a wéi enger Sprooch e säin Eed leescht. Well et ass jo net esou, datt mer an administrative Saachen elo soen: Dat dote ass déi preferenziell Sprooch! Mir hunn eng national Sprooch – Lëtzebuergesch – an dann hu mer déi dräi administrativ Sproochen.

An deem zweeten Aspekt, dat ass eppes, wat mer am Ausland ganz vill gesinn, och an Däitschland an esou weider, dat ass, datt d'Eedesformel ka begleet gi vun enger reliéier Referenz, zum Beispill hu mir hei déi Däitsch „so wahr mir Gott helfe“, a Frankräich „que Dieu me soit en aide“, an England „so help me God“. Dat heescht, do hu mer allkéiers d'Méiglechkeet, wann een, fräiwëlleg wuelverstan, wëllt eng reliéis Referenz bei säin Eed maachen, datt dee respektiven Deputéierten oder anere Beamten déi Méiglechkeet huet. Mir wëllten also souwuel déi Méiglechkeet virgesinn, datt ee kann deen Eed an e puer Sproochen ofleeën, wéi och eng fräiwëlleg, natierlech fräiwëlleg, d'Méiglechkeet virgesinn, fir och eng reliéis Referenz an d'Eedesformel mat opzehuelen.

An deem Sënn, Här President, wëllt ech Iech déi zwou Resolutiounen iwwerreechen.

Résolution 1

D'Chamber vun den Deputéierten

erënnert drun,

– datt d'Eedesformel vum nei gewielten Deputéierte bis dato ausschliesslech a franséischer Sprooch ofzeleeën ass;

– datt Lëtzebuerg awer dräi administrativ Sproochen huet an datt d'Sproochegesetz vun 1984 keng vun deenen dräi Sproocher fir den Eed virschreift,

decidéiert dowéinst,

– datt den Deputéierten an Zukunft d'Wiel huet, a wéi enger vun deenen dräi administrative Sproochen hien d'Eedesformel ofleeë wëllt;

– de Bureau vun der Chamber ze chargéieren, eng offiziell Formulierung vun der Eedesformel an deenen dräi administrativ Sproochen auszeschaffen.

(s.) **Fernand Kartheiser.**

Résolution 2

D'Chamber vun den Deputéierten

erënnert drun,

– datt a verschiddene Länner en nei gewielten Deputéierten a senger Eedesformel och eng reliéis Referenz ka maachen, z. B. iwwert de Wee vun enger Formel ewéi: „que Dieu me soit en aide“, „so help me God“ oder „so wahr mir Gott helfe“,

decidéiert dowéinst,

datt och déi Lëtzebuurger Deputéiert an Zukunft sollen déi Méiglechkeet hunn, fir bei hirer Vereedelegung eng fräiwëlleg reliéis Referenz zousätzlech zu hirer Eedesformel ze maachen.

(s.) **Fernand Kartheiser.**

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Dat gesot, Här Margue, et ass schonn e Kapitel, wat eng ganz Rei positiv Saachen huet, mee haaptsächlech wéinst dem Referendum, der Eedesformel, der Aschränkung vun der Rechter vum Groussherzog bei der Opléisung vun der Chamber, bei der Schwieregkeete vun der Initiative législative citoyenne gesi mer eis leider net amstand, fir dat heiten elo matzestëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech muss de Mars Di Bartolomeo e bëssen enttäuschen. Ech mengen net, datt et sech nëmmen nach ëm e puer Minutten handelt, bis déi nei Verfassung a Kraaft trëtt.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Nee, bis no deem zweete Vott.

M. Sven Clement (Piraten) | Et dauert jo nach e bëssen, net nëmme bis deem zweete Vott, et dauert och nach, bis se publizéiert ass, an och dann dauert et nach e bëssen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Mee dat hunn ech jo gesot!

M. Sven Clement (Piraten) | Mee ech sinn awer frou, datt mer haut zumindest mam Legislativen op en Enn kommen, an zwar virun allem, datt mer hei u sech mat deem Text ophalen, deem d'Chamber stäerkt. Ech mengen, dat et wichteg ass, datt mer eis Chamber stäerken. De Rapport huet dat virdru gesot, meng Virriednerinnen a Virriedner hunn et gesot: D'Mission vum der Chamber gi vill méi kloer an d'Verfassung geschriwwen, ënner anerem, an dat begrëissen ech ganz besonnesch, am Artikel 63 (veuillez lire: am Artikel 75), drëtten Punkt: „requérir de la part du Gouvernement tous informations et documents“, eppes, wou an der Vergaangenheet d'Regierung sech souguer um Geriicht mat Hänn a Féiss gewiert huet an esou wäit gaangen ass fir ze behaupten, d'Chamber wär keen Deel vum Staat. Elo kënn et an d'Verfassung stoen. An ech mengen, datt dat gutt ass, datt et an d'Verfassung stoe kënn, genausou, wéi et gutt ass, datt an d'Verfassung stoe kënn, datt all Member vun der Chamber kann eng Proposition de loi maachen. Dat war zwar bis elo de facto ëmmer esou gelieft, et stoung awer net am héchsten Text vum Land.

Och d'Initiativrecht, datt d'Biergerinnen an d'Bierger elo selwer kënnen Gesetzesproposéieren maachen, fënnt eis Zoustëmmung. Dat ass nämlech och e Beweis derfir, datt d'Demokratie leeft, datt d'Demokratie eppes ass, wat a Beweegung ass, eppes, wou mer eeben net just an engem Elfenbeintuerm matenee schwätzen, mee tatsächlech och an engem permanenten Echange mat de Biergerinnen a Bierger sinn, an dat net nëmmen all fënnel Joer, wa Wale sinn.

Da gouf scho vun der Enquêtékommisioun geschwat; ech kommen elo net drop zrëck. Ech bedauern e bëssen, datt d'elo mam ganzen Hin an Hier a mat den Datumen et esou geet, datt u sech fir dës Legislatur keng Enquêtékommisioun méi kann zustane kommen. Ech denken, datt mer déi lescht Jore méi wéi eng Affär haten, déi et definitiv meritéiert hätt, virun eng Enquêtékommisioun ze kommen.

(Interruption)

Bref, an Zukunft kéint dat da jo anescht sinn.

A schlussendlech, natierlech och ganz kloer d'Referenden, eppes, wat mir begrëissen. An dofir mécht et mer wierklech eng grouss Freed, haut kënnen, esou wéi beim éischten Vott, och beim zweeten Vott de Jo vun de Piraten matzebréngen.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, esou wéi ech et de Moie scho gemaach hunn, wäert ech mech och elo kuerzfaassen. Ech wëll dem Rapporteur, dem Charles Margue, Merci soen.

Jo, et ass den Endspurt vun där neier Verfassung. Gëschter hunn d'Aarbechte jo ugefaangen hei mat engem zweete Vott. Dofir erlaben ech mer ze soen, dass et den Endspurt ass, well den zweete Vott ass eeben deen, deen och de leschte Vott ass. An elo kënnt dann d'Publikatioun vun deem Ganzen an dann d'Akraafttriede vun där neier Verfassung.

Mee ech erlabe mer awer ..., Dir hutt ganz vill Leit ernimmt, an ech wollt awer och hei dem Service juridique aus dem Staatsministère e grouse Merci soen, dem Här Fettes, ...

Une voix | Ganz richtig!

M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | ... dee wierklech mat senger Ekipp eng ganz, ganz gutt Aarbecht leescht an op dee mer ziele kënnen an deen och am Interêt vun der Saach schafft. Him a senger ganzer Ekipp, déi d'Aarbechte begleet hunn, e ganz, ganz grouse Merci.

An d'Séparation des pouvoirs oblige, all déi Mercien, déi Dir Äre Mataarbechter am Haus hei matgedeelt hutt, do kann ech mech just ralliëieren. Mee ech dierf do näischt soen – „séparation des pouvoirs, je ne veux pas m'en mêler“. Mee op jidde Fall, et ass gutt Aarbecht gelescht ginn, et ass vill Aarbecht gelescht ginn an dat, wat ech de Moie gesot hunn, ass nach ëmmer richtig: „Et ass Zäit ginn!“

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Här President, a mir schléissen eis selbstverständlech och am Respekt vun der Gewaltentrennung u de Merci un, deen den Här Staatsminister u seng Leit weiderginn huet. Deen ass ganz berechtigt.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Di Bartolomeo.

M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État | Merci, Här President. Ech huelen dee Merci mat.

An erlaabt mer just, Här President, well et ass dee leschte Punkt, wou ech haut bei Iech sinn, ech wollt nach just am Numm vun der Regierung Iech allegueren och schéi Feierdeeg an eng gutt Gesondheet wënschen an ech hoffen, Iech allegueren am neie Joer fit ze gesinn. D'nächst Joer gëtt en ustrengend Joer. An ech hoffen, dass mer déi néideg Serenitéit hunn, fir och dee Walkampf seriö z maachen.

An ech wënsche mer virun allem, dass d'nächst Joer eng méi grouss Serenitéit weltwäit nees eng Realitéit gëtt. Dat ass dat, wat mer eis allegueren nëmme kënne wënschen.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Staatsminister. Iech an alle Membere vun der Regierung och nëmmen dat Beschir d'Joer 2023. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zum zweete Vote constitutionnel iwwer d'Verfassungsännerung 7777. Den Text steet am Document parlementaire 7777⁸. Et ass eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert, an de Vote par procuration ass net erlaabt.

Second vote constitutionnel sur la proposition de révision de la Constitution 7777

D'Ofstëmme fänkt un. De Vott ass ofgeschloss.

D'Proposition ass mat 50 Jo-Stëmme bei 3 Nee-Stëmmen an 2 Abstentionen ugehall.

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Här President, ech wollt just soen, ech krut hei iwwerhaupt kee Vott affichéiert.

M. Fernand Etgen, Président | Mir korrigéieren dat dann.

Résultat définitif après redressement : la proposition de révision de la Constitution 7777 est adoptée par 52 voix pour, 3 voix contre et 2 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, MM. Dan Kersch et Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

A wien hätt et geduecht: Mir ware laang ënnerwee, mee d'Schëff vun der Constitution ass elo just definitiv am Hafen ukomm an huet Anker geworf. D'Chamber huet eis Demokratie méi staark gemaach. Ech wëll Iech an all deenen, déi hei an hei am Land do-runner matgewierkt hunn, Merci soen.

Et ass also esou decidéiert.

(Applaudissements)

3. Dépôt d'une proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés par M. Roy Reding

Den nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 8117, eng Upassung ...

Une voix | Här President, ...

M. Fernand Etgen, Président | A pardon, den Här Roy Reding hat nach d'Wuert gefrot fir den Depot vun engem ...?

Här Reding, wannechgelift.

Exposé

M. Roy Reding (ADR), auteur | Jo, merci, Här President. Elo, wou de 7777 gestëmmt ass, erlaben ech mer, als President vun der Reglementscommission eng Proposition de modification vun eise Reglement virzeleeën, wat d'Autonomie fonctionnelle an och d'Organisation, déi materiell an déi finanziell Organisation, vun eiser Chamber ubelaangt. Voilà!

Une voix | Très bien!

M. Roy Reding (ADR), auteur | Pour mettre en musique.

8127 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à l'autonomie fonctionnelle et à l'organisation matérielle et financière de la Chambre des Députés

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Reding.

4. Dépôt d'une proposition de loi et d'une proposition de révision de la Constitution par M. Fernand Kartheiser

An da ginn ech d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser.

Exposé

M. Fernand Kartheiser (ADR), auteur | Jo, Här President. Ech wollt dann och eng Proposition de loi hei deponéieren. Ech soen Iech villmools Merci, datt Der mer d'Wuert gitt. A vu datt mer elo den zweete Vott gemaach hunn, och eng Proposition de révision vun der Constitution.

(Hilarité)

Ech fänke vläicht u mat der Statistik e bëssen: Mir hunn am Abléck hei am Land ...

(Interruption)

... 341.230 Lëtzebuerger. Dat war den 1. Januar 2022, Stateg. A mir haten den 30. September 2022 117.885 Lëtzebuerger am Ausland. Dat heescht, all déi Lëtzebuerger, déi am Ausland sinn, déi kënne wuel welen, aktiv, awer net gewielt ginn, passiv. Dat ass esou, dat steet an der Verfassung, an esou steet et och am Walgesetz.

Mir denken awer als ADR, datt dat net richtig ass a mir wëllen dowéinst eng Initiativ huelen, fir eng politesch Benodeelegung vun deene Lëtzebuerger am Ausland ofzeschaffen, well si kënne sech net Kandidat maache bei den nationale Wale. Mee si kéinten, wa mir hinnen dat Recht ginn, nämlech déi Condition de résidence, de domiciliation hei am Land ofschafen, Kandidat gi bei de Wale wéi all anere Lëtzebuerger och, wat an eisen Ae richtig wier, well mir wëllen net den Ennerscheid an de politesche Rechter. Fir eis hanken d'politesche Rechter un der Nationalitéit an net um Lieu de résidence. An dofir géife mer dann souwuel d'Walgesetz wéi och d'Verfassung an deem Sënn wëllen änneren an déi politesch Diskriminierung vun de Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen, ofschafen.

Dofir, dee véierte Punkt, Dir wësst, déi Conditions d'éligibilité, déi si jo do beschriwwen: Et muss ee Lëtzebuerger sinn, et muss een d'Droits civils et politiques hunn, et muss een op d'mannst 18 Joer al sinn, an dann ass eeben déi véiert Konditioun „être domicilié dans le Grand-Duché“. An déi wëlte mer sträichen.

Ech soen Iech villmools Merci, an ech dierf Iech, Här President, déi zwee Texter iwwerrechen.

8126 – Proposition de loi portant modification de la Loi électorale du 18 février 2003

8125 – Proposition de révision portant modification de l'article 52 de la Constitution

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kartheiser.